CSV FRAKTIOUN

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

**Lëtzebuerg, den 22. November 2019**

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le :
22 NOV. 2019
1512

Här President,

Esou ewéi den Artikel 83 vum Chambersreglement et virgesäit bieden ech lech dës parlamentaresch Fro un den Här Educatiounsminister ze stellen.

Eng Partie Enseignanten kruten am Juli dëst Joer hiren Arrêté de nomination als Maître d'enseignement. Nodeems se sech no e puer Méint bäi den zoustännegen Servicer erkundegt hunn, wéini dat hir Paie géif ugepasst ginn, kruten se matgedeelt, dass se hir Notten nach missten areechen, fir sécherzestellen, dass si (i) d'Examen gepackt hunn a (ii) nach Posten fräi wieren.

Ech erlabe mir duerfir folgend Froen un den Här Minister ze stellen:

- Kann den Här Minister mir erklären, ob dat déi gängeg Prozedur ass?
    - Wa jo, wéi kann et sinn, dass eng Persoun, ob e Posten genannt gëtt an duerno réischt kontrolléiert gëtt, ob se och d'Konditiounen dofir erfëllt? Wéi kann et sinn, dass déi Leit sou laang op hir nei Paie waarde mussen?
    - Sollt dat net de Fall sinn, wat leeft d'Prozedur am Normalfall of? Wéi erkläert de Minister sech dëse Mëssel? Wéi eng Korrekturmoossname gouf geholl, dass sou Zoustänn sech an Zukunft net widderhuelen?

Här President, ech bieden lech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Gilles Roth
Deputéierten

**Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend op d'parlamentaresch Fro Nr. 1512 vum honorabelen Deputéierte Gilles Roth**

Opgrond vun den Informatiounen, déi am honorabelen Deputéierte senger Fro enthale sinn, konnt de beschriwwene Problem net retracéiert ginn.

Déi gängeg Prozedur gesäit vir, datt e Stagiaire, nodeems en de sougenannte "prakteschen Examen" gepackt huet, eng Nominatioun an enger vun de Carrièrë vum Enseignement kritt, zum Beispill als Maître d'enseignement. Par définition ass dann och ee Poste fräi, et muss just nach eng Affectatioun an e Lycée gemaach ginn.